PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 28/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'Fro 2979 vum 13. Oktobre 2020 sot d'Ministesch:

> *"Well zur Zait, weder an dësem Fall, nach an engem aneren Fall, d'Situatioun sech presentéiert huet, dat en Medeziner deen zu Lëtzebuerg exerzéiert, no dem Ausstellen vun senger Autorisation d'exercer zu Lëtzebuerg, sain droit d'exercer am Ausland komplett an definitiv verluer huet, ass et nach nët zu dem Ëmstand komm, deen den Honorablen Députéierten beschreift. Fir sou Fall awer virzebeugen, analyséiert den Gesondheetsministère zur Zait, wéi eng nei gesetzlech Regel kéint an deem Fall graifen, fir dat eng komplett an definitiv Radiatioun am Ausland d'office kéint zu enger Radiatioun zu Lëtzebuerg féieren."*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Goufen déi ugeschwaten Analyse schonn ofgeschloss?
   Falls jo, zu wéi enge Konklusiounen ass ee komm?
   Falls nee, firwat net a bis wéini ass mat engem Resultat ze rechnen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député